



Fernand ETGEN  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17ten Juni 2019

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Aussenugeleeënheeten an Europa, Bannenzeg Sécherheet & Aarbecht weiderzeleeden.**

*No den Attacken op zwee Tanker am Golf vum Oman, huet den Här Aarbechts- a Sportsminister Dan Kersch Stellung op de soziale Medie geholl an duergestallt, dass hien net mat Krichshandlung gëint den Iran averstane wär. Hei schreift hien, dass hien sech vu Lëtzebuerg erwaart, am Fall vun engem Krichsszenario ënnert kenger Form an dësem ze intervenéieren.*

*D'Decisioun, fir an enger Konfliktsituatioun ze intervenéieren, gëtt awer an dem Fall net vum Här Aarbechts- a Sportminister decidéiert, mee op Basis vum Gesetz vum 27. Juli 1992 "relative à la participation du Grand-Duché de Luxembourg à des opérations pour le maintien de la paix (OMP) dans le cadre d'organisations internationales" getraff, wou de Regierungsrat d'Entscheidungsfäegkeet zougeuerdent kritt.*

**An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:**

1. Besëtzt d'Regierung iergendwellech Informatiounen vum SREL oder vun auslännesche Geheimdéngschter, déi eng Interventioun säitens Lëtzebuerg legitiméiere géifen? Hat den Aarbechts- a Sportminister een Abléck an esou Dokumenter oder huet hien a sengen Aussoen op Presseartikele reagéiert?
2. Wollt den Här Aarbechts- a Sportminister mat sengen Aussoen Afloss op ee Ministère ausüben, fir deen hien net kompetent ass? Wéi eng Positioun vertritt d'Regierung géigeniwwer dem Här Minister Kersch sengen Aussoen, dass hien am Fall vun enger Interventioun vu Lëtzebuerg, säin Amt nidderleeë wëllt? Consideréiert d'Regierung dës Ausso als eng Aart Erpressung?
3. Wéi fiabel schätzt d'Regierung d'Aussoe vum NATO-Partner USA, och en vue vun den deemolegen Aussoe virum Irak-Krich?



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

4. Wäert d'Regierung, am Fall vun engem eventuelle Kriszenzenario, wéi den Här Aarbechtsminister en duerstellt, am nächste Regierungsrat eng Decisioun treffen? Géif d'Regierung, Stand haut, een NATO- oder EU-Engagement an der Region ënnerstëtzen?
5. Den Aarbechts- a Sportminister hat och nach d'Ausso gemaacht "den vun den USA ugefachten Irak-Krich, den noofolgenden Syrien-Krich mat all sengen Konsequenzen huet Europa immens geschued."
  - a. Deelt d'Regierung dem Aarbecht- a Sportminister seng Opfaassung, dass de Syrien-Krich eng Konsequenz vum Irak-Krich ass?
  - b. Gesäit d'Regierung d'USA an der Matschold am Syrien-Krich?
6. Gouf, am Kader vum Besuch vum russesche Premierminister zu Lëtzebuerg, d'Situatioun a Syrien an am Iran thematiséiert?
  - a. Falls jo, wéi eng Inhalter goufen zu dësem Sujet beschwat?
  - b. Huet Russland an deenen Diskussiounen versicht d'Regierung vun der russescher Positioun ze iwwerzeegen?

Mat déiwem Respekt



Marc Goergen  
Deputéierten

